

# D'Grondstrukture vun de Lëtzebuerger Verben

*Publizéiert als: Döhmer, Caroline (2020): D'Grondstrukture vun de Lëtzebuerger Verben [Theorie-Kapitel]. In: D'Lëtzebuerger Verben. Herausgegeben vom Zenter fir d'Lëtzebuerger Sprooch [ZLS]. Walferdange, Strassen: SCRIPT & ZLS. S. 10-26.*

An dësem Deel ginn déi zentral Strukture vun de Lëtzebuerger Verben erkläert. Nieft de grammatesche Kategorië ginn och orthografesch Detailler beschriwwen, déi wichteg sinn am Zesammenhang mat de Verben. Den theoreetesche Kader soll dem Lieser och hëllefen, d'Tabellen an d'Lëschten an dësem Buch richteg ze interpretéieren an ze benotzen.

## Allgemeng Verbkategorien

Déi ronn 6000 lëtzebuergesch Verben an dësem Buch kënnen an dräi zentral Verbtypen ënnerdeelt ginn:

- Vollverben: *drénken, lafen, raschten, schenken, schounen, verstoppen*
- Hëllefverben: *hunn, sinn, ginn, kréien, wäert(en)*
- Modalverben: *däerfen, kënnen, müssen, sollen, wëllen*

D'Konjugatioun vun de Verbe riicht sech no dëse Kategorien:

- Persoun: 1., 2., 3.
- Numerus: Singulier, Pluriel
- Tempus: Present, Imparfait, Passé composé, Plus-que-parfait, (modale) Futur 1 an 2
- Modus: Indikativ, Conditionnel, Imperativ
- Genus verbi: Aktiv, Passiv (de Passiv gëtt net an den Tabelle gewisen)

Fir Persoun an Numerus erginn sech déi follgend Ënnerkategorien am Paradigma:

- Sg.     1. = Persoun, déi schwätzt (*ech*)  
          2. = Persoun, déi ugeschwat gëtt (*du / de*)  
          3. = Persoun/Saach, iwwer déi geschwat gëtt (*hien, hatt, si / en, et, se*) oder grammatesche  
              Sujet (*et, 't*)
- Pl.     1. = Persounen, déi schwätzen (*mir / mer*)  
          2. = Persounen, déi ugeschwat ginn (*dir / der*), oder Persoun, déi gedierzt gëtt, respektiv méi  
              Persounen, déi gedierzt ginn (*Dir / Der*)  
          3. = Persounen/Saachen, iwwer déi geschwat gëtt (*si / se*)

Den Tempus an de Modus sinn an all Tabell an eenzele Pardigmaen ze gesinn. D'Verbtabelle sinn am Aktiv gehalen. D'Passivbildung gëtt méi spéit an dësem Kapitel beschriwwen.

D'Terminologie ass dem Lëtzebuergeschen ugepasst an entsprécht haaptsächlech de franséische Fachbegrëffer. Natierlech kann een och déi jeeweileg däitsch Terme benotzen. Et gouf versicht, d'Begrëffer esou ze wielen, datt se déi lëtzebuergesch Forme richteg beschreiwen a gläichzäiteg op bekanntem Wëssen opbauen.

|                                                                                                                      |                            |
|----------------------------------------------------------------------------------------------------------------------|----------------------------|
| - <b>Present</b> / Presens:                                                                                          | <b>ech kommen</b>          |
| - <b>Imperativ</b> / Imperatif:                                                                                      | <b>komm!</b>               |
| - <b>Passé composé</b> / Perfekt:                                                                                    | <b>ech si komm</b>         |
| - <b>Imparfait</b> / Preterit / Preteritum / Imperfekt:                                                              | <b>ech koum</b>            |
| - <b>Plus-que-parfait</b> / Plusquamperfekt:                                                                         | <b>ech war komm</b>        |
| - <b>einfache Conditionnel</b> / Konjunktiv (2) / Konjunktiv Preteritum:                                             | <b>ech kéim</b>            |
| - <b>zesummegeesate Conditionnel</b> / <i>géif</i> -Konjunktiv:                                                      | <b>ech géif kommen</b>     |
| - <b>Conditionnel passé composé</b> / Conditionnel passé / Konjunktiv Plusquamperfekt / Konjunktiv Preteritumperfekt | <b>ech wier komm</b>       |
| - <b>Modale Futur 1</b> / <i>wäert</i> -Futur                                                                        | <b>ech wäert kommen</b>    |
| - <b>Modale Futur 2</b> / <i>wäert</i> -Futurperfekt                                                                 | <b>ech wäert komm sinn</b> |

#### Terminologesch Remark iwwer de Conditionnel

Den einfache Conditionnel (**ech kéim**) entsprécht dem Konjunktiv Preteritum (Konjunktiv 2) am Däitschen. Well am Lëtzebuergesche kee richteg Konjunktiv Presens (Konjunktiv 1) méi existéiert (bis op déi lexikaliséiert Form **et sief**), gëtt hei keen terminologeschen Ënnerscheed tëscht 1 an 2, respektiv tëscht Presens a Preteritum gemaach. Den Term *Conditionnel présent* ass op dëser Plaz net ideal, well dës Form net mam Present zesummenhängt. De lëtzebuergeschen einfache Conditionnel baséiert formal um Preteritum an existéiert nach fir eng Rei Verben.

Den zesummegeesate Conditionnel gëtt mat engem Hëllefverb gebilt: **géif (ginn)**, **géing (goen)** oder méi seelen **déit (doen)**.

De Conditionnel passé composé (**ech wier komm**) ass en Term, dee speziell fir de lëtzebuergesche Gebrauch ugepasst ass. Dee Begrëff ass effektiv net am Franséischen etabléiert, well dës Sprooch en anere verbale System huet, wou d'Grenz tëscht Subjonctif a Conditionnel deels schwéier ze zéien ass.

Formal baséiert dës Conditionnel um Passé composé (**ech si komm**) an duerch e Moduswiessel vum Hëllefverb (**sinn > wier**) entsteet dann d'Form **ech wier komm**, déi dem Conditionnel vum Passé composé entsprécht. Am Däitschen heescht dës Form Konjunktiv Plusquamperfekt oder och Konjunktiv Preteritumperfekt. Den Term *Conditionnel passé* ass net optimal, well net däitlech gëtt, wéi eng Zort vu *Passé*, also vu Vergaangenheet hei gemengt ass.

## Verbtabelle: Vollverben

D'Kategorie vun de Vollverbe bilt mat Ofstand dee gréisste Grupp. Et ass eng oppe Kategorie, well permanent nei Vollverben an d'Lëtzebuergesch erakommen. Wéi e Verb konjugéiert gëtt, weisen d'Verbtabelle aus dësem Buch. Eng Beispilltabelle wier hei *kommen* (T42).

| <b>kommen</b>                |               | Infinitiv                        | Hëllefverb | Participe passé                   |
|------------------------------|---------------|----------------------------------|------------|-----------------------------------|
| Vollverb                     |               | kommen                           | sinn       | komm                              |
| <b>Present</b>               |               | <b>Imperativ</b>                 |            |                                   |
| Sing. 1                      | kommen        |                                  |            |                                   |
| 2                            | kënns         | komm!                            |            |                                   |
| 3                            | kënnt         |                                  |            |                                   |
| Plur. 1                      | kommen        |                                  |            |                                   |
| 2                            | kommt         | kommt!                           |            |                                   |
| 3                            | kommen        |                                  |            |                                   |
| <b>Passé composé</b>         |               | <b>Imparfait</b>                 |            | <b>Plus-que-parfait</b>           |
| Sing. 1                      | si komm       | koum                             | war komm   |                                   |
| 2                            | bass komm     | koums                            | waars komm |                                   |
| 3                            | ass komm      | koum                             | war komm   |                                   |
| Plur. 1                      | si komm       | koumen                           | ware komm  |                                   |
| 2                            | sidd komm     | koumt                            | waart komm |                                   |
| 3                            | si komm       | koumen                           | ware komm  |                                   |
| <b>Einfache Conditionnel</b> |               | <b>Zesummegeate Conditionnel</b> |            | <b>Conditionnel Passé composé</b> |
| Sing. 1                      | kéim          | géif kommen                      | wier komm  |                                   |
| 2                            | kéims         | géifs kommen                     | wiers komm |                                   |
| 3                            | kéim          | géif kommen                      | wier komm  |                                   |
| Plur. 1                      | kéimen        | géife kommen                     | wiere komm |                                   |
| 2                            | kéimt         | géift kommen                     | wiert komm |                                   |
| 3                            | kéimen        | géife kommen                     | wiere komm |                                   |
| <b>Modale Futur 1</b>        |               | <b>Modale Futur 2</b>            |            |                                   |
| Sing. 1                      | wäert kommen  | wäert komm sinn                  |            |                                   |
| 2                            | wäerts kommen | wäerts komm sinn                 |            |                                   |
| 3                            | wäert kommen  | wäert komm sinn                  |            |                                   |
| Plur. 1                      | wäerte kommen | wäerte komm sinn                 |            |                                   |
| 2                            | wäert kommen  | wäert komm sinn                  |            |                                   |
| 3                            | wäerte kommen | wäerte komm sinn                 |            |                                   |

Den Infinitiv an de Participe passé sti ganz uewen a gehéieren zu den infiniten Zäitformen. Den Infinitiv bilt d'Grondform vum Verb. Et brauch een en och fir d'Bildung vum zesummegeate Conditionnel (**ech géif kommen**) a vum modale Futur 1 (**ech wäert kommen**). De Participe passé gëtt gebraucht, fir de Passé composé (**ech si komm**), de Conditionnel passé composé (**ech wier komm**) an de Plus-que-parfait (**ech war komm**) ze bilden. Bei all Verbtabelle steet nieft dem Participe passé, ob fir dës Zäiten d'Hëllefverb **hunn** oder **sinn** geholl gëtt. Verschidde Verbe kënnen méi wéi ee Participe passé hunn, déi an deem Fall mat engem schiffe Stréch markéiert ginn (**getrueden / getratt**). D'Reiefolleg vun de Formen seet näischt iwwer d'Heefegkeet vum respektive Participe passé aus.

Am Imperativ gëtt et eng Form fir de Singulier (**Komm!**) an eng fir de Pluriel (**Kommt!**). D'Singuliersform entsprécht an der Reegel dem Infinitiv-Stamm a kritt keng Endung (**Dréck! Kier!**). De Pluriel entsprécht der Presentform vun der 2. Persoun Pluriel (**Gitt! Fänkt un!**). De Singulier benotzt ee fir geduuzte Persounen, de Pluriel fir gedierzte Persounen oder fir méi Leit.

### Wat ass eigentlech de Stamm vun engem Verb?

De Stamm vun engem Verb entsprécht der klengster Eenheet, déi d'Basis vum Verb bilt.

Bei einfache Verben hält een den Infinitiv an et léisst een den {-en} ewech: **bak-en**, **looss-en**, **sätz-en**.

Bei eenzele Verbe léisst een d'Endung {-nn} ewech: **gesi-nn**, **hu-nn**.

Bei méi komplexe Verbe ginn d'Prefixer an d'Partikelen ofgetrennt: dohi-**stell-en**, op-**sprang-en**, ver-**dro-en**.

De Vokal, deem am Stamm steet, gëtt als Stammvokal bezeechent a ka bei verschiddene Verben e Lautwiessel hunn: **looss-en** --> hie **léiss-t**.

Et kënnen och méi Silben am Stamm stoen. De Stammvokal ass an der Reegel dee vun der éischter Stammsilb: **kréckel-en**, op-**stéppel-en**, **troter-en**.

Fir eppes an der Vergaangenheet ze beschreiwen, kann een de Passé composé (**dir hutt gestanen**) oder den Imparfait (**dir stoungt**) huelen. D'Virzäitegkeet an der Vergaangenheet gëtt mam Plus-que-parfait ausgedréckt (**dir hat gestanen**). Am Lëtzebuergeschen hu just nach knapp 20 Vollverben en Imparfait. Heizou gehéieren dës Verben:

**blouf (bleiwen)**, **doung (doen)**, **duecht (denken)**, **foul (falen)**, **geschouch (geschéien)**, **gesouch (gesinn)**, **goung (goen)**, **houl (halen)**, **houng (hänken)**, **housch (heeschen)**, **koum (kommen)**, **louch (leien)**, **mouch (maachen)**, **sot (soen)**, **souz (sätzen)**, **stouch (stiechen)**, **stoung (stoen)**, **wousst (wëssen)**.

Och dës aacht Modal- an Hëllefsvverben hunn nach eng Imparfaitform: **duerft (däerfen)**, **gouf (ginn)**, **hat (hunn)**, **konnt (kënnen)**, **krut (kréien)**, **sollt (sollen)**, **war (sinn)**, **wollt (wëllen)**.

An der Theorie kënnen och all d'Derivatiounen vun dësen Verben en Imparfait bilden: **housch gutt (guttheeschen)**, **mouch lass (lassmaachen)**. An der Praxis sinn dës Formen allerdéngs kaum beluecht an och aner Imparfaitformen (**iwwersouch**, **frot**) verschwannen no an no. Den Imparfait ass bei Verben, déi vill benotzt ginn (**duerft**, **sot**) oder och als Hëllefsvverb fungéieren (**hat**, **krut**), an der Reegel méi stabil am Gebrauch.

Déi meescht Verbe bilden hir Vergaangenheet just mam Passé composé. Et gëtt generell kee funktionalen Ënnerschied tëscht dem Passé composé an dem Imparfait, wéi een dat villäicht aus dem Engleschen oder aus dem Franséische kennt. Et spillt fir d'Bedeutung am Lëtzebuergeschen deemno keng Roll, ob eng Persoun eppes **wousst** (Imparfait) oder eppes **gewosst huet** (Passé composé).

Nieft dem Imparfait, dee bei deene meeschte Verben net méi existéiert, ass och den einfache Conditionnel (**dir séizt**) bei ville Verben net méi ze fannen. Den einfache Conditionnel besteet aus enger synthetischer Verbform an huet meeschtens e Vokalwiessel (**kommen** --> **hatt kéim**). Den zesummegeesate Conditionnel, deem am Fong fir all d'Verbe méiglech ass, gëtt mam Hëllefsvverb **géif** (**hatt géif kommen**) oder **géing** (**hatt géing kommen**) gebilt, méi seelen och mat **déit** (**hatt déit kommen**). An den Tabelle gëtt déi méi heefeg Form mat **géif** gewisen, obwuel **géing** och iwwerall zouläseg ass.

De Conditionnel passé composé besteet aus dem Hëllefsvverb **sinn** oder **hunn**, dat selwer am einfache Conditionnel gebraucht gëtt, an dem Participe passé vum jeeweilege Verb (**du häss gefrot**; **du wiers bliwwen**). Dës Zort Conditionnel dréckt eppes Hypotheetesch (**häss de mech gefrot**, **hätt ech Jo gesot**) oder eng Vermutung aus (**ech hat gemengt**, **du wiers nach bliwwen**).

De Futur gëtt am Lëtzebuergeschen am Prinzip mam Present ausgedréckt (**ech bake muer e Kuch**). De Bezuch zum Futur gëtt an dësem Fall iwwer eng temporal adverbial Bestëmmung däitlech gemaach (*muer, geschwënn, d'nächst Woch*). De Futur, deem an der Tabell gewise gëtt, ass e modale Futur, bei deem d'Hëllefverb **wäert(en)** benotzt gëtt (**ech wäert muer e Kuch baken**). Dës Konstruktioun gëtt modale Futur genannt, well d'Ausso beim *wäert*-Futur manner faktesch ass wéi beim Present. De Gebrauch vum Hëllefverb **wäert(en)** ass meeschtens mat enger bestëmmter Warscheinlechkeet verbonnen: **d'Wieder wäert sech d'nächst Woch änneren**. An dësem Saz ass et relativ warscheinlech, datt d'Wieder sech änneret, mee et besteet keng Garantie. De Saz **d'Wieder änneret sech d'nächst Woch** ass am Prinzip méi eng staark Ausso, un där manner gezweiwelt gëtt. Dës Nuance vun der Warscheinlechkeet ass a verschiddene Kontexter allerdéngs net ëmmer kloer ze erkennen.

De modale Futur 1 (**si wäerten dat verschécken**) bezitt sech op allgemeng Aussoen, déi an der Zukunft leien. Virzäitegkeet gëtt duerch de modale Futur 2 ausgedréckt. Hei gëtt däitlech gemaach, datt eppes an der Zukunft aller Warscheinlechkeet no scho geschitt respektiv ofgeschloss ass (**si wäerten de Bréif verschéckt hunn**).

Nieft dem modale Futur kann d'Hëllefverb **wäert(en)** och agesat ginn, fir eng Hoffnung (**dat wäert jo alt halen**) oder eng Droung auszudrécken (**du wäerts dech nach wonnere**).

## Onregelméisseg Verben

D'Vollverbe kënnen opgrond vun hirem Konjugatiounsmuster a verschidde Kategorien ënnerdeelt ginn. Fir d'Lëtzebuergesch mécht et Sënn, se dono ze klasséieren, ob se e Vokalwiessel am Stamm opweisen oder net. Deemno wiere Verben ouni Vokalwiessel reegelméisseg an déi mat Vokalwiessel onregelméisseg.

De Vokalwiessel ka bei den onregelméisseg Verbe schonn am Present optrieden. Déi sou genannte Wiesselflexioun weist sech am Present bei der 2. an 3. Persoun Singular:

**bezuelen:** **ech bezuelen, du bezils, hien/hatt/si bezilt**

**iessen:** **ech iessen, du ëss, hien/hatt/hatt ësst**

**maachen:** **ech maachen, du méchs, hien/hatt/si mécht.**

Eenzel Verbe kënnen eng optional Wiesselflexioun hunn: **werfen (du werfs/du wërfs)**.

Och am Preteritum oder am einfache Conditionnel kann et zu engem Vokalwiessel kommen, deem an all Persoun optrëtt (virausgesat, datt d'Verb dës Formen nach huet):

**hänken:** **dat houg, dat héing**

**kommen:** **et koum, et kéim**

Wann de Stamm sech komplett verännert – wéi dat bei munchen Hëllefverben de Fall ass –, da schwätzt ee vu suppletive Formen:

**sinn:** **du bass, du waars**

Opgrond vum Réckgang vum Imparfait a vum einfache Conditionnel gesäit een de Vokalwiessel dacks just nach am Participe passé:

**gestallt (stellen), geglach (gläichen), getosch (tauschen), iwwerrannt (iwwerrennen).**

De Vokalwiessel am Participe passé weist insgesamt verschidde Muster op, esou datt een um Stammvokal am Infinitiv net ëmmer gesäit, ob a wéi sech de Vokal am Participe passé verhält. Esou gëtt aus **schéissen** --> **geschoss** (mat Vokalwiessel), mee aus **begréissen** --> **begréisst** (ouni

Vokalwiessel).

Fir d'Verweisstruktur an dësem Buch gouf den onregelméisseg Participe passé net mat berücksichtegt (méi Detailler am Kapitel *Praktesch Informatiounen iwwer d'Verbelëscht an d'Mustertabellen*).

Och bei der Wiesselflexioun kann een net ëmmer Analogien zu anere Verbe maachen. Sou gesi Verbe wéi **laachen** a **maachen** am Infinitiv änlech aus, mee am Present huet een eemol d'Form **du laachs** an eemol **du méchs**.

A seltene Fäll ka sech nieft dem Vokal och de Konsonant am Stamm veränneren (**kommen** --> **du këns**). Bei de reegelméisseg Verbe **dréchnen**, **kaalwen**, **ootmen** a **rechnen** réckelt e Konsonant an et entsteet eng nei Silb am Stamm, ouni datt sech de Vokal verännert (**dréchnen** --> **et dréchent**; **kaalwen** --> **si kaleft**; **ootmen** --> **du otems**; **rechnen** --> **du rechs**).

## Reegelméisseg Verben

Eng ganz Rei lëtzebuergesch Verbe gëtt ouni Vokalwiessel konjugéiert a kann doduerch als reegelméisseg klassifizéiert ginn. Heizou gehéiere beispillsweis **änneren**, **bëselen**, **fuddelen**, **laachen**, **pinschen** oder **téinen**. Dës Verbe ginn esou konjugéiert, datt ëmmer just eng Flexiounsendung un de Stamm drugehaange gëtt, ouni datt sech d'Verb op anere Plaze verännert:

**ech laach-en**, **du laach-s**, **hien/hatt/si laach-t**, **mir laach-en**, **dir/Dir laach-t**, **si laach-en**; **laach-Ø!**; **laach-t!**.

Bei de reegelméisseg Verbe fënnt een och keen Imparfait a keen einfache Conditionnel.

Bei de reegelméisseg Verbe kann et minimal Ofwäichunge beim Participe passé ginn.

Op där enger Säit gëtt et d'Grondform mam Zirkumfix {ge...t} (**knouteren** --> **geknoutert**; **stëppelen** --> **gestëppelt**) an op där anerer Säit Participe-passéen op {-t} (**abonéieren** --> **abonéiert**; **bekucken** --> **bekuckt**).

D'Verben op {-éieren} (**animéieren**, **enseignéieren**, **meditéieren**) a Verben, déi mat enger onbetonter Silb ufänken (**bekucken**, **verzielen**, **zerrappen**), kréien en einfachen {-t} am Participe passé: **animéiert**, **enseignéiert**, **meditéiert**; **bekuckt**, **verzielt**, **zerrappt**.

Nieft dem Lautwiessel gëtt et nach aner strukturell Phenomeener, déi wichteg fir d'Konjugatioun vun de Lëtzebuergesch Verben sinn: oftrennbar Verbpartikelen, reflexiv Verben an defektiv Paradigmaen.

## Partikelverben (Verben, déi sech opsplécken)

Et gëtt Verbe mat enger oftrennbarer Partikel. Si bilden an den net-zesummegeesaten Zäiten eng Verbkammer, dat bedeit, datt se sech am Haaptsaz opsplécken (**opschreiwen** --> **ech schreiwen dat op**). Zu de Verbpartikelen gehéieren ënnert anerem: *an*, *aneneen*, *aus*, *auseneen*, *bäi*, *derbäi*, *derduerch*, *dertëscht*, *do*, *dohin*, *dran*, *drop*, *duer*, *duerch*, *ëm*, *ënner*, *entgéint*, *eraus*, *erëm*, *eriwuer*, *erof*, *erop*, *eweck*, *fäerdeg*, *fest*, *fort*, *fräi*, *heem*, *iwwer*, *laanscht*, *lass*, *mat*, *no*, *of*, *op*, *un*, *uneneen*, *vir*, *virun*, *weider*, *widder*, *zeréck*, *zesummen*, *zou*.

Am Participe passé réckelt de {-ge-} tëscht d'Partikel an de Stamm (**erop-ge-klommen**, **mat-ge-laf**, **op-ge-schriwwen**). Dat selwecht gëllt och fir den ze vum ze-Infinitiv (**erop-ze-klammen**, **mat-ze-lafen**, **op-ze-schreiwen**).

Eng oftrennbar Partikel ass am Infinitiv ëmmer betount (lassloossen —> ech loosse lass). Wann d'Partikel net betount ass, spléckt sech d'Verb net op:

- oftrennbar Partikel, déi betount ass:

**duerchkucken** —> **du kucks den Text duerch, du hues den Text duerchgekuckt**;

- net oftrennbar Partikel, déi net betount ass:

**duerchkucken** —> **du duerchkucks säi Spill, du hues säi Spill duerchkuckt**.

Eng oftrennbar Partikel gëtt an der Verbelëscht hannen am Buch duerch Fettdrock markéiert: **ëmdréien**.

## Reflexiv Verben

Verschiede Verbe gi reflexiv gebraucht. Dat bedeit, datt den Objet vum Verb op de Sujet zeréckverweist (**si schount sech, hie schummt sech**). Dat erkennt een och am Infinitiv um Reflexivpronomen *sech*: **sech ieren, sech tommelen, sech verrechnen**. Et gëtt Verben, déi obligatoresch reflexiv sinn (**sech tommelen**) an anerer, déi nieft hirem Gebrauch mat engem einfachen Objet och eng reflexiv Liesaart hunn (**si schreift e Bréif, si schreift sech Schmit**). Bei optional reflexive Verbe gëtt de Reflexivpronomen an der Verbelëscht ageklamert. De Reflexivpronome gëtt just da gewisen, wann et sech ëm e reflexiven Akkusativobjekt handelt (**du iers dech**). Reflexiv Dativobjete ginn net extra markéiert (**du wäscht der d'Hänn**), och wann se an der 3. Persoun an am Infinitiv identesch ausgesinn (**sech ieren, sech wäschen**).

## Defektiv Paradigmaen

Aus semantesche Grënn kann et virkommen, datt de Paradigma vun engem Verb net ganz ausgefëllt ass. Esou en defektive Paradigma fënnt ee beispillsweis bei Wieder-Verbe wéi **reenen** oder **schneien**. Well d'Wieder ni vun enger 1. oder 2. Persoun kann ausgefouert ginn, steet am Paradigma ëmmer just déi 3. Persoun Singulier. Semantesch Restriktiounen weisen sech och bei engem Verb wéi **verschimmelen**. Vun der Bedeitung hier ass just déi 3. Persoun Singulier oder Pluriel méiglech, well hei op Géigestänn referéiert gëtt. Personifizierungen oder Wuertspiller sinn am Eenzelfall allerdéngs net auszuschléissen.

## Speziell Verben: Hëllefsvirben

Zu den Hëllefsvirben zielen: **hunn, sinn, ginn, kréien a wäert(en)**. Déi meescht Hëllefsvirben hunn e vollstänneg Paradigma, d. h., datt se all Form (fir Tempus a Modus) kënnen bilden. Dat gëllt virun allem fir déi klassesch Hëllefsvirben: **hunn, sinn, ginn a kréien**. D'Verb **wäert(en)** huet e staark defektive Paradigma: Hei gëtt et just de Present. Aus dësem Grond fënnt een d'Verb **wäert(en)** och net als eenzel Tabell, mee an all Mustertabell beim modale Futur 1 an 2.

### D'Hëllefsvirb **hunn**

**Hunn** ass en temporaalt Hëllefsvirb. Et gëtt benotzt, fir zesummegegate Vergaangenheetsformen ze bilden. Heizou gehéiere beispillsweis de Passé composé an de Plus-que-parfait vu bestëmmte Verben: **laachen – du hues gelaacht, du has gelaacht**.

### D'Hëllefsvirb **sinn**

D'Verb **sinn** huet verschidde Funktiounen. Et ass en temporaalt Hëllefsvirb, mat deem de Passé composé an de Plus-que-parfait vu bestëmmte Verbe gebilt gëtt: **explodéieren – dat ass explodéiert, dat war explodéiert**.

Donieft ass **sinn** och e Kopulaverb (**de Kuch ass gutt**) a ka benotzt ginn, fir den Zoustandspassiv ze bilden: **mir schneiden de Kuch un** → Zoustandspassiv: **de Kuch ass ugeschnitten**.

#### **Wat ass e Kopulaverb?**

D'Kopulaverbe gehéieren zu den Hëllefsvirben. Si hu selwer kee konkreeten Inhalt, mee se stellen eng Verbindung tëscht zwee Sazglidder hier. Zu de Kopulaverbe gehéiere **bleiwen, sinn a ginn**: **Hie bleift onofhängeg. Dat ass schéin! Hatt gëtt Architektin.**

Donieft gëtt et och kopula-änlech Verbe wéi **ausgesinn, heeschen, schéngen a wierken**: **Dat gesäit schéin aus! Hatt heescht Martine. Hie wierkt genervt.**

### D'Hëllefsvirb **ginn**

**Ginn** huet am Lëtzebuergesche méi Funktiounen. Et gëtt als Hëllefsvirb benotzt fir d'Bildung vum Virgangspassiv: **mir plécken d'Äppel** → Virgangspassiv: **d'Äppel gi gepléckt**.

Et kann och Kopulaverb fir predikativ Konstruktiounen sinn: **hatt gëtt Architektin**.

Den einfache Conditionnel vum Verb **ginn (géif)** déngt als Hëllefsvirb fir d'Bildung vum zesummegegate Conditionnel: **ech géif matsangen**.

Well déi meescht Verben am Lëtzebuergesche keen einfache Conditionnel (méi) hunn, fënnt een dës *géif*-Konstruktioun bei deene meeschte Verben. Fir den zesummegegate Conditionnel kann een nieft **ginn (géif)** och d'Verb **goen (géing)** benotzen: **ech géing matsangen**. Béid Formen si funktional identesch, d. h., datt et kee Bedeitungsennerschied gëtt, ob een eppes **géif soen** oder **géing soen**.

## D'Hëllefverb **kréien**

D'Hëllefverb **kréien** hëlt een, fir de Rezipientepassiv ze bilden (**mir liesen him vir** —> Rezipientepassiv: **hie kritt virgelies**). Fir dës Konstruktioun muss am Aktiv en Dativobjekt virleien, deen am Passivsatz de Sujet gëtt: **ech hëllef menger Schwëster** —> Rezipientepassiv: **meng Schwëster kritt (vu mir) gehollef**.

## D'Hëllefverb **wäert(en)**

Fir de modale Futur 1 an 2 ze bilden, gëtt dat modal-temporaalt Hëllefverb **wäert(en)** benotzt: **Hie wäert matzäiten hei sinn**. De modale Futur 1 setzt sech aus **wäert(en)** an engem Infinitiv zesummen: **dat wäert klappen**. De modale Futur 2 beschreift eng warscheinlech ofgeschloss Handlung, déi an der Zukunft läit: **hie wäert sech verbrannt hunn**.

## Speziell Verben: Modalverben

Zu de Modalverben gehéieren d'Verben **däerfen, kënnen, müssen, sollen, wëllen**. Si zeeche sech doduerch aus, datt se e Verb am Infinitiv regéieren an eng bestëmmte Modalitéit ausdrécken: **mir solle matsangen** (bedeit: et gëtt verlaangt, datt mer matsangen), **mir däerfen ufänken** (bedeit: mir kruten d'Erlabnes fir unzefänken).

D'Modalverben hunn e puer strukturell Opfälligkeiten. Am Present steet bei der 1. an der 3. Persoun Singular eng Null-Endung: **ech kann, hatt kann** (Ausnam ass hei den optionalen {t} bei **hie wëll-t**). D'Modalverben kënnen weeder an de Passiv nach an den Imperativ gesat ginn.

### Wat ass eng Null-Endung?

Am Paradigma vun engem Verb gi verschidde Flexiounsendingen un de Stamm gehaangen: **hatt sëtzt-t, mir looss-en**.

Bei verschidde Formen kënnen keng speziell Endung (an der Sproochwëssenschaft duerch Ø markéiert). An dëse Fäll schwätzt ee vun enger Null-Endung, well et keng spezifesch Markéierung fir Persoun oder Numerus gëtt: **hatt stress-t (stress-en), hatt muss-Ø (muss-en)**.

Amplaz vun engem Participe passé, deen ee fir de Passé composé oder de Plus-que-parfait brauch, fënnt ee bei de Modalverben de sou genannten Ersatzinfinitiv: **du hues dat kënnen soen** (an net *\*du hues dat gekonnt soen*). Beim Modalverb *müssen* weist sech den Ersatzinfinitiv och heiansdo an der Form *missen*: **si hunn dat missen/musse gewuer ginn**.

Eng weider speziell Eegenschaft vun de lëtzebuergesche Modalverben ass den hybriden Ersatzinfinitiv. Wann e Modalverb am Passé composé oder am Conditionnel passé composé benotzt gëtt, da kann d'Modalverb eng Form unhuelen, déi net direkt sengem Infinitiv entsprécht: **hien hätt dat kéinte packen**. D'Form **kéinten** ass eng Kombinatioun vum einfache Conditionnel (**kéint**) a vum Infinitiv **kënnen**. Eng Form wéi **wollten** ass eng Kombinatioun vum Imparfait (**wollt**) a vum Infinitiv **wëllen**: **dat hu mer wollte soen**. Den hybriden Ersatzinfinitiv ass onverännerbar a kann och duerch deen normalen Ersatzinfinitiv ersat ginn: **hien hätt dat kënnen packen; dat hu mer wëlle soen**.

Fir déi eenzel Modalverben existéiere verschidden hybrid Infinitiven:

|                 |                         |
|-----------------|-------------------------|
| <b>däerfen:</b> | <b>si hätt dierften</b> |
| <b>kënnen:</b>  | <b>si hätt kéinten</b>  |
| <b>mussen:</b>  | <b>si hätt missten</b>  |
| <b>sollen:</b>  | <b>si hätt sollten</b>  |
| <b>wëllen:</b>  | <b>si hätt wéilten</b>  |

Dobäi kommen dann nach (regional an net regional) Variante wéi **duerften (däerfen), kinnten (kënnen)** oder **wollten (wëllen)**. Dës hybrid Forme ginn net an den Tabelle gewisen.

Nieft dës fënnef Modalverbe gëtt et och d'Semi-Modalverb *net brauchen*. A senger modaler Funktioun ass d'Verb ëmmer negéiert an et regéiert am Géigesaz zu de classesche Modalverben en ze-Infinitiv: **mir brauchen eis net ze tommelen**. Dëst Verb deelt awer insgesamt vill Mierkmoler mat de Modalverben: funktional weist et eng Modalitéit un (an deem Sënn, datt eppes net noutwendeg ass), et huet keng Endung bei der 1. an 3. Persoun Singulier am Present, et huet kee Passiv a keen Imperativ an et weist nieft dem Ersatzinfinitiv (**du häss dat net brauchen ze soen**) och en hybriden Ersatzinfinitiv (**du häss dat net brächten ze soen**), deen och verschidde Variante kann hunn (**bréichten, briichten**).

D'Verbe **brauchen, kënnen a wëllen** hu just dann en normale Participe passé mat {ge...t}, wann se wéi e Vollverb benotzt ginn. Bei dësem Gebrauch hänkt dann och keen Infinitiv vun hinnen of: **hien huet dat ni gebraucht, si hunn näischt dofir konnt, du has dat esou (ge)wollt**.

Och bei *däerfen a müssen* fënnt ee vereenzelt Forme vum normale Participe passé, wann se als Vollverb gebraucht ginn: **hie wollt op d'Party, mee en huet net geduerft; et gouf en Toilettenhaischen, fir wann een eng Kéier gemusst huet**. Dës Forme sinn awer insgesamt méi seelen am Gebrauch.

## Aner speziell Verben a Verbkonstruktiounen

Nieft den Hëllefverben an de Modalverben, déi hirersäits e Participe passé oder en Infinitiv verlaangen, gëtt et och aner Verben, déi eng speziell Sazkonstruktioun mat sech bréngen. Heizou gehéieren zum Beispill **léieren** oder **goen**: **ech léiere bitzen, si ginn akafen**.

An enger kausativer Konstruktioun kann d'Verb **doen** och en Infinitiv regéieren: **den Trainer deet eis schweessen** (bedeit: den Trainer bréngt eis dozou, datt mer schweessen).

Bei de sou genannte Perzeptionsverbe fënnt een en Infinitiv, dee mat engem Akkusativ kombinéiert gëtt (deemno wéi kënnen nach aner Ergänzungen derbäikommen): **ech héieren hie sangen; ech gesinn si op de Bus goen**.

De prinzipielle Sazbau, dee vum Verb ausgeet, gëtt net hei am Buch duergestallt. Ob e Verb en Akkusativobjekt oder eng aner Ergänzung verlaangt, kann am Lëtzebuerger Online Dictionnaire nogelies ginn (mat der Hëllef vun de verschiddene Beispillssätz oder vun de grammateschen Informatiounen *transitiv/intransitiv/onperséinlech*). Dëst Buch konzentréiert sech haaptsächlech op d'Konjugatiounsmuster an d'Schreifweis vun de Lëtzebuerger Verben.

Bei der Konjugatioun gouf de Participe présent bewosst aus den Tabellen erausgelooss. Am Lëtzebuergesche fënnt een deelweis lexikaliséiert Participe-présent, déi dacks als Adjektiv benotzt ginn (*dauernd, spannend, treffend*). Donieft ginn et eenzel Beleeër fir esou Particippen, déi nom

däitsche Muster agesat ginn: *sätzend, inspiréierend*. Dës Forme ginn allerdéngs net vun all Mammesproochler akzeptéiert a ginn dofir net systematesch als Flexiounsform opgeholl. Hiert Bildungsmuster besteet aus dem Verbstamm an der Endung {-end}. De Participe présent gehéiert wéi de Participe passé zu den infiniten Zäitformen.

Beim Imperativ fënnt een an den Tabellen eng Form fir de Singulier an eng fir de Pluriel. Dës Formen adresséiere sech ëmmer un eng zweet oder méi Persounen. Nieft dësem Imperativ kann een och eng *Maach-datt*-Konstruktioun benotzen: **Maach, datt s de fréi genuch heemkënns! Maacht, datt der gutt léiert!**

Fir déi 1. Persoun Pluriel besteet och d'Méiglechkeet, e Wunsch respektiv eng Opfuerderung mam Verb *loossen* auszedecken: **Looss(t) eis an de Kino goen! Looss(t) eis dat iwwerdenken!**

Dës *loossen*-Konstruktioun huet normalerweis eng aner dialogesch Funktioun wéi de klasseschen Imperativ, bei deem d'Persoun, déi schwätzt, net implizéiert ass: **Géi an de Kino! Iwwerdenk dat!**

## Orthografesch Detailer

Nieft de strukturellen Eegenschaften, déi hei erkläert goufen, gëtt et och eng Rei orthografesch Detailer bei der Konjugatioun vun de Lëtzebuerger Verben. Eng detailléiert Beschreiwung vun der Schreifweis fënnt sech am Buch „D'Lëtzebuerger Orthografie“, dat den ZLS 2019 publizéiert huet. Op dëser Plaz gi just déi Schreifreegele kuerz virgestallt, déi besonnesch d'Verbe betreffen.

- Quantitéitsreegel (laang a kuerz Vokaler)  
E laange Vokal gëtt net verduebelt, wa keen oder just ee Konsonant hannendrusteet:  
**molen, üben, knaen, hie sot, mir kruten.**  
E laange Vokal gëtt da verduebelt, wann op d'mannst zwee Konsonanten hannendrustinn:  
**du mools, gemoolt; du üübs, geüübt; traatschen.**  
Hannert engem kuerze Vokal stinn op d'mannst zwee Konsonanten:  
**knätschen, geflunn.**
- Ennverhäerdung  
De Konsonant gëtt an der Endung esou geschriwwen, wéi een en héiert:  
**schreiwen → du schreifs; verkleeden → du verkleets; schëdden → geschott.**  
Opgepasst bei der Form **dir sidd**. Hei gëtt <dd> geschriwwen wéinst der Parallelfarm am Däitschen <ihr seid>.  
De <(b)b>, de <(g)g>, den <s> an de <v> bleiwe stoen, och wann hir Aussprooch sech ännert:  
**robben → gerobbt; entschëllegen → entschëllegt; joggen → du joggs; reesen → gereest; nerven → du nervs.**
- Stammprinzip  
Wann e Konsonant duerch eng Flexiounsending bäikënnt, fält kee Konsonant aus dem Stamm ewech. D'Schreifweis vum Schlusskonsonant orientéiert sech um Stamm:  
**bäissen → hie bäisst; liessen → hie liest; falen → si fält; huelen → hien hält; gëllen → dat gëllt.**
- Verbstamm op [s]  
Ass de Verbstamm op <(s)s>, <x> oder <(t)z>, da kënnt keng extra Endung am Present bei der 2. Persoun Singulier: **du box, du botz, du ëss, du frups, du kraz, du schmus.**
- Verbstamm op [t]  
Ass de Verbstamm op <(t)t> oder <(d)d>, da kënnt keng extra Endung am Present bei der 3.

Persoun Singulier a bei der 2. Persoun Pluriel:

**hie beschrëft; Dir rett; si riicht op; si reit (reiden); dir schëtt (schëdden).**

- D'n-Reegel

Och bei de Verbe gëtt d'n-Reegel applizéiert. Den <(n)n> fällt normalerweis um Enn vun der Silb ewech, ausser et steet e Vokal hannendrun oder d'Konsonanten <d, h, n, t, z>:

**hunn --> hunn abezwelt, hu\_ bezwelt**

**sinn --> sinn opgaang, si\_ gaang**

**Partikelen: a\_goen --> et geet an; hi\_kréien --> mir kréien dat hin**

Virum Reflexivpronomen *sech* ass d'n-Reegel fakultativ:

**si hu\_ sech verléift / si hunn sech verléift.**

- Englesch Verben

Bei den englesche Verbe gëtt *sech* nom lëtzebuergesche Modell geriicht:

**mailen --> hatt mailt, gemailt; aloggen --> du loggs an, agelogg; downloaden --> hien downloot, gedownloot/downgeloat.**

Opgepasst bei Verben, déi an der englescher Grondform e stommen <e> um Enn hunn. Dëse gëtt fir d'Liesbarkeet bäibehalen. Am Participe passé kann ee bei dëse Verben d'Endung <-et> oder <-ed> benotzen:

**liken --> du likes, geliket / geliked; managen --> hie managet, gemanaget / gemanaged.**

Ass déi englesch Grondform op <-te/-de>, da kënnt keng extra Endung am Participe passé, am Present bei der 3. Persoun Singulier a bei der 2. Persoun Pluriel:

**muten --> hie mute, dir mute, gemute; hiden --> hien hide, dir hide, gehide.**

Ass déi englesch Grondform op <-se/-ze>, da kënnt keng extra Endung am Present bei der 2. Persoun Singulier: **downsizen --> du downsize.**

Ass déi englesch Grondform op <-y>, dann ass d'Endung am Participe passé op <-yt> oder op <-ied>: **replyen --> replyt / replied.**

- Eenzel Verben

Bei de Verbe **fléien, léien an zéien** a bei hiren Derivatioune gëtt <tt> am Present geschriwwen bei der 2. an 3. Persoun Singulier a bei der 2. Persoun Pluriel:

**du flitts, hatt flitt; du litts, dir litt; du zitts, et zitt.**

- Substantivéierungen

Wann e Verb substantivéiert ass, gëtt et groussgeschriwwen:

D'**Ofhuele** fällt em immens schwéier.

Säi **Laachen** ass esou léif.

Deet et wéi beim **Opstoen**?

Duerch d'**Fëmme** gi vill Leit krank.

En huet mam **Lafen** ugefaang.

Hanner *mat* gëtt d'Verb klenggeschriwwen, wa *mat* duerch *ze* kann ersat ginn: **ufänke mat kachen / ufänken ze kachen.**

Hanner *mam* (= *mat* + *dem*) gëtt d'Verb prinzipiell groussgeschriwwen: **ufänke mam Kachen.**

## Verben, déi sech gläichen, an Dubletten an der Verbelëscht

Am Lëtzebuergesche gëtt et eng Rei Verben, déi am Infinitiv oder an enger anerer flektierter Form homograf sinn, d. h. d'selwecht geschriwwen ginn, an där hir Bedeitung eréischt duerch d'Betounung, hiert Flexiounsmuster oder de Gebrauch am Saz däitlech gëtt.

Bei de Verbe **goen** a **ginn** fënnt een eng Rei Iwwerschneidungen am Paradigma. De Present **ech/mir/si ginn** oder **dir gitt** ass bei béide Verbe formgläich: **mir ginn an d'Vakanz, mir ginn iech eise Schlëssel**. Bei anere Verben iwwerschneide sech just eenzel Formen: **du frees** kéint deemno d'Verb **froen** oder d'Verb **sech freeën** erëmginn, woubäi den obligatoresche Reflexivpronomen am zweete Fall den Ënnerscheid däitlech mécht.

Bei engem Verb wéi **ëmgoen** weist d'Betounung vun der Partikel, ob et e Partikelprefixverb ass (mat der Bedeitung vun **evitéieren: hien ëmgeet de Problem**) oder e Partikelverb (mat der Bedeitung vu **schlecht ginn: d'Mëllech geet ëm**). Wann d'Partikel am Infinitiv betount ass, da spléckt sech d'Verb am Saz op. Och beim Verb **iwwerstoën** fënnt een zwou Bedeutungen, jee nodeem ob d'Partikel **iwwer** betount ass (**den Nol steet iwwer**) oder de Verbstamm **sto** (**mir iwwerstinn dës Kris**). Eng betounte Partikel, déi sech oftrenne kann, gëtt an der Lëscht fett gedréckt an de Rescht vun der Verbform net: **iwwerstoën**.

Och wann d'Schrëftbild identesch ass, mécht d'Betounung dacks den Ënnerscheid. Deemno kann een d'Verb **rappen** mat [æ] liesen, wann et ëm de Musekstil Rap geet. **Rappen** mat engem einfachen [ɑ] bedeit entweder, datt ee fest un eppes zitt (**Onkraut rappen, eppes aus der Hand rappen**) oder datt ee Geméis mathëllef vun enger Rapp preparéiert (**Muerte rappen**).

Bei anere Verbe kommen no an no nei Bedeutungen derbäi. Esou e Fall fënnt ee bei **zoomen**. Bis virun e puer Joer hat et nach déi eenzeg Bedeitung *mat engem Zoom schaffen* (op engem Ecran oder beim Fotograféieren). Mëttlerweil kann et awer och heeschen, datt een iwwer d'Videokonferenzplattform Zoom a Kontakt trëtt (parallel zu de Wuertbildunge **skypen** oder **twitteren**).

Eenzel Verbe wéi **falen** si just am Infinitiv homograf. Esoubal d'Verb flektéiert gëtt, erkennt een, ob een eppes **faalt** (en Dëschelduch) oder ob ee **fält** (vum Vëlo).

Aner Verben ënnerscheide sech just am Participe passé, sou wéi bei **weien**. Am Zesummenhang mam Gewiicht ass et **huet gewien** an am Zesummenhang mat der Relioun ass et **huet geweit**.

Verbe wéi **schweessen** hunn zwou distinkt Bedeutungen (*transpiréieren* oder *mat engem Schweessapparat schaffen*), mee d'Flexiounsforme si fir béid Verben d'selwecht. Dat sinn Nuancen, déi an dësem Buch net beschriwwen sinn, mee eréischt am Kontext däitlech ginn.

Fir d'Lëscht hannen am Verbebuch bedeit dat, datt verschidde Verben zweemol virkommen. Well am Buch keng Iwwersetzung a keng Aussprooch gewise gëtt, baséiert d'Lëscht reng op de Forme vum respektive Verb. Dat féiert dozou, datt e Verb wéi **schweessen** zwar zwou verschidde Bedeutungen huet, et awer just eemol hannen an der Verbelëscht steet, well de Paradigma absolut identesch ass an d'Verb ëmmer richteg gebilt gëtt, egal wéi ee Sënn gemengt ass.

Läit awer e formalen Ënnerscheid vir, wéi en anere Participe passé, eng oftrennbar Partikel oder e Reflexivpronomen, da fënnt een d'Verb zweemol an der Lëscht (**verléieren --> verléiert; verléieren --> verluer**), fir datt all d'Flexiounsforme kënne gewise ginn. Méi Informatiounen zu den Iwwersetzungen, dem Gebrauch an der Aussprooch fënnt een ënner [www.lod.lu](http://www.lod.lu) an op [verben.lu](http://verben.lu).

## Praktesch Informatiounen iwwer d'Verbelëscht an d'Mustertabellen

Um Enn vum Buch fënnt een eng Lëscht mat 6000 Lëtzebuerger Verben an hire Stammzäiten. Aus de Stammzäite kann ee quasi all Form vum entspreichende Verbparadigma bilden. Hei gëtt däitlech, wéi e Verb konjugéiert gëtt, ob et zu engem lautleche Wiessel kënnt, wéi een et schreift a wou et optional Forme gëtt (markéiert duerch e schife Stréch). D'Verbelëscht ass alphabetesch sortéiert an den Infinitiv ass an der éischter Kolonn fett gedréckt. Bei Verbe mat enger oftrennbarer Partikel (**abannen** → **bann an!**) ass just d'Partikel duerch Fettdrock markéiert fir ze weisen, datt dëst Verb sech am Saz kann opsplécken: **ëmdréien** → **ech dréie mech ëm**. Bei Verben, déi just am Infinitiv gebraucht ginn (**radetten** → **si hunn näischt ze radetten**), gi keng Stammzäiten a keng Mustertabell gewisen. Reflexiv Verbe stinn zweemol an der Verbelescht: ënner *s* wéinst dem Reflexivpronomen *sech* (**sech bretzen** bei *s*) an och beim jeeweilegen Ufanksbuschtaf vum Infinitiv (**bretzen, sech** bei *b*).

Zu de Stammzäite gehéieren den Infinitiv (**kréien**), déi 3. Persoun Singulier aus dem Present (**hien/hatt/si/et kritt**), déi 3. Persoun Singulier aus dem Preteritum (**hien/hatt/si/et krut**) an aus dem einfache Conditionnel (**hien/hatt/si/et krit/kréich**) souwéi de Participe passé (**kritt**). An der Verbelëscht sti just déi eenzel Verbformen:

|               |       |      |               |            |            |
|---------------|-------|------|---------------|------------|------------|
| <b>kréien</b> | kritt | krut | krit / créich | huet kritt | kréien, T4 |
|---------------|-------|------|---------------|------------|------------|

Bei Verben, déi keen Imparfait oder keen einfache Conditionnel hunn, (**kréckelen**) bleiwen déi respektiv Felder bei de Stammzäiten eidel:

|                  |          |   |   |                 |               |
|------------------|----------|---|---|-----------------|---------------|
| <b>kréckelen</b> | kréckelt | - | - | huet gekréckelt | schaffen, T61 |
|------------------|----------|---|---|-----------------|---------------|

Déi eenzel Verbe verweisen op eng sou genannt Mustertabell (T1-T82), an där all d'Verbformen am Detail stinn. Dës Verweiser bauen haaptsächlech op strukturellen an orthografeschen Ähnlechkeeten op. Bei de Mustertabelle fënnt een ënnen op der Säit och eng Infobox mat de wichtegsten Detailer iwwer d'Schreifweis oder aner speziell Strukturen, déi dës Verbkategorie betreffen.

Fir d'Zuel vun de Mustertabellen am Buch iwwersiichtlech ze halen, goufen de Vokalwiessel oder aner Onregelméissegkeeten am Participe passé net bei der Verweisstruktur berücksichtegt. Dës Form muss aus der Verbelëscht hannen am Buch erausgelies ginn. Dat bedeit, datt Verbe mat engem onregelméisseg Participe passé (**päifen – gepaff**) op déi reegelméisseg Mustertabell vun **schaffen** verweisen, well se an allen aneren Zäiten d'selwecht gebraucht ginn, d. h. ouni Vokalwiessel an ouni weider orthografesch Ännerung.

Donieft verweise reegelméisseg Verbe wéi **botzen** op d'Mustertabell **sëtzen**, well se sech bis op de Participe passé (**gebotzt; gesiess**) strukturell gläichen. Fir de Participe passé sollt ee sech deemno ëmmer un de Stammzäiten aus der Verbelëscht orientéieren.

All Verb, dat e Vokalwiessel huet (dee sech net op de Participe passé bezitt) (**sprangen** → **du spréngs**) oder eng besonnesch Schreifweis huet (**tuten** → **du tuuts**), ass an dësem Buch duerch eng entspreichend Mustertabell vertrueden. Bei Verbe mat Vokalwiessel oder enger spezieller Schreifweis (egal ob am Present, am Imparfait oder am Conditionnel) gëtt ëmmer op eng Mustertabell verwisen, bei där dee selwechte Phenomeen virläit.

Trennbar Verbpartikelen (**opgoen** → **geet op**) an de reflexive Gebrauch (**sech begannen**) ginn an de Mustertabellen **abauen** (T10) an **sech tommelen** (T74) illustréiert a spille keng Roll fir

d'Verweisstruktur vun anere Partikelverben oder reflexive Verben. An dëse Fäll gëtt op eng Tabell verwisen, déi de Grondstrukture vum Basisverb entsprécht.